

E Bericht iwwert den eegene Migratiounswee



HV Lëtzebuerg – USA

1. Erzielt am Detail Äre Migratiounswee, deen Iech op Lëtzebuerg bruecht huet.
Preparéiert Är Presentatioun a Stéchwierder an orientéiert Iech dofir um Opbau an un de Riedmëttelen hei drënner:

| | |
|---|--|
| <p>Titel</p> <p>Wielt e passenden Titel.</p> | <p>Zum Beispill :</p> <p>Vun ... op ... iwwer ...</p> <p>Mäi laange Wee op / an ...</p> |
| <p>Aleedung</p> <p>Gitt an der Aleedung eng kleng Beschriewung vun Ärem Heemechtsland.</p> <p>Erzielt, wéi laang Dir do gelieft hutt a wat Dir do gemaach hutt.</p> | <p>Ech kommen aus ...</p> <p>Dat ass ...</p> <p>D'Land huet ... Awunner an ass grouss.</p> <p>D'Land zeechent sech duerch ... aus.</p> <p>Wat besonnesch do ass, ass ...</p> <p>Ech hunn ... Joer do gelieft. Fir d'éischt hunn ech ...</p> <p>Als lescht hunn ech ...</p> <p>Meng Famill ...</p> |
| <p>Hauptdeel</p> <p><u>Grond</u></p> <p>Gitt de Grond un, firwat Dir op Lëtzebuerg (oder eventuell virdrun nach op aner Plaze) komm sidd.</p> <p><u>Erfahrungen</u></p> <p>Bericht iwwer positiv an/oder negativ Erfahrungen, déi Dir gemaach hutt, eventuell iwwer eng Erfahrung, déi Iech besonnesch markéiert huet.</p> | <p>Ech sinn op Lëtzebuerg komm, well ...</p> <p>Den Haaptgrond fir mech, fir op Lëtzebuerg ze kommen, war ...</p> <p>Lëtzebuerg war net meng éischt Statioun, virdrun war ech ... Do hunn ech ...</p> <p>Wat positiv/negativ Erfahrungen ubelaangt, muss ech soen, datt ...</p> <p>Ech kann net behaupten, datt ...</p> <p>Besonnesch markéiert huet mech, datt ...</p> <p>Ech hat ee speziellert Erleefnis, an dat war ...</p> <p>Eppes wat mech direkt beréiert / ugesprach / interpelléiert / begeeschtert huet, war ...</p> <p>Eppes, mat deem ech bis haut nach net eens ginn, ass</p> |

| | |
|---|---|
| <p><u>Kulturell Ënnerscheeder</u></p> <p>Beschreift kulturell Ënnerscheeder an eventuell Problemer, déi doraus entstane sinn.</p> <p><u>D'Situatioun elo</u></p> <p>Erzielt, wéi Dir Iech elo hei fillt a wat Äert Liewen hei präägt.</p> | <p>A mengem Land ass et normal, wann een...</p> <p>Zu Lëtzebuerg ass dat anescht: Hei ...</p> <p>Ech hu gemierkt, datt et zu Lëtzebuerg als onhéiflech/héiflech ugesinn ass, wann een ...</p> <p>Ech muss soen, datt ech mech elo (net/schonn/ganz) integréiert fillen. Dat ass och zum Deel doduerch bedéngt, datt ...</p> <p>Mäi Liewen ass haaptsächlech gepräägt duerch ...</p> |
| <p>Schluss</p> <p>Beschreift, wéi Dir Är Decisioun, op Lëtzebuerg ze kommen, haut empfann.</p> | <p>D'Decisioun fir heihinner ze kommen ...</p> <p>Zum Schluss wëll ech soen, datt ...</p> <p>Merci fir d'Nolauschteren.</p> |

2. Presentéiert Är Geschicht an engem klengen Video a setzt en an de Padlet, deen Är Léierpersoun virbereet huet. Illustréiert Är Geschicht wa méiglech mat enger Weltkaart, mat Fotoen, mat Musek asw.

